



ënnersträichen: zesummen - mat de Sportler mat an ouni Behënnerung maachen.

Ech huelen do als Beispill de Basketball, dat ass vir-druck jo och scho gesot ginn, wou gemëschten Ekippen zesumme spillen. International gëtt dës „Unified Sports“ genannt, dat wësst Der. An och d'Gemenge kënnen hei niewent dem Zurverfügungstellung vun Infrastrukturen och mat konkreeten Aktiounen um Terrain eng wichteg Roll spillen. D'Beispill vun der Gemeng Esch mat hirem Programm „Handisport“, „Semaine Handisport“, „Semaine de l'inclusion“, déi zesumme mat Veräiner an Associatiounen organiséiert ginn, ass virdrun erwänt ginn. Och aner Gemenge sinn do aktiv. Dës kéint och sécherlech nach weider als Initiatioun fir aner Gemengen déngen, dovun sinn ech iwwerzeegt.

Dës sollt a mengen Aen iwwregens och - an et misst souguer eng Bedingung sinn, fir dass mer et kofinanzéieren - eng Aufgab si fir déi zukünftige Coordinateur-sportif, déi an de Gemengen age-stallt ginn. Dir wësst, dass mer do am Kader vun eise Plang eng Rei vu Gemenge konnten iwwerzeegen, op deem dote Wee ze goen. Menge leschten Informatiounen no wëllen och nach weider Gemengen dee Wee do aschloen, eventuell souguer och Gemengen, déi sech hei zesummendinn, wat vum Prinzip hier net ze verwerfen ass. Ech hat et awer och op enger anerer Plaz gesot an ech soen dat och hei: Ech perséinlech si souguer der Meinung, dass all Gemeng misst an der Lag sinn, sech esou e Coordinateur sportif ze leeschten. Mat Sécherheet kascht dat Suen, mee op där anerer Säit sinn dat ganz gutt investéiert Suen, déi een dann op anere Plazen erëm aspuere kann.

Ech hu virdrun och vum onermiddlechen Asaz vun de Vertrieeder vun deenen zwee Verbänn geschwat. An dës gëllt natierlech och fir déi aner Sportsverbänn an déi vill Sportsveräiner, déi insgesamt och eng normal wichteg Sozialaufgab fir d'Gesellschaft am Benevolat iwwerhuelen.

Och am Sport ass de Benevolat vu grousser Bedeutung. Ech géif emol gäre soen, an och dat ass vir-druck hei gesot ginn: ouni Benevolle kee Sport. Net zulescht dofir steet och d'Valorisatioun an d'Unerkennung vum Benevolat am neie Plan de relance am Sport, dee mer kierzlech virgestallt hunn. Et geet eis eeben drës, d'Wichtigkeet vum Benevolat ervirzehiewen, d'Unerkennung vun hirem onermiddlechen Asaz ze incitéieren an och si ze incitéieren, weiderhin dobäizebleiwen, de Benevolat ze valoriséieren an nei Benevoller och dozou ze bréngen, fir sech fir d'Allgemengheet anzusetzen.

Mir wäerten dofir am Hierscht mat de Medien zesummen eng professionell accompagnéiert Campagne lancéieren. Mir wäerten och déi Aktioun „Bénévole de l'année“, déi jo traditionell ëmmer nëmmen eemol am Joer gemaach ginn ass, iwwert d'ganz Joer zéien an eng ganz Rei méi Benevoller domadder och an d'Rampenlicht stellen, fir eng zousätzlech Unerkennung fir si ze errechen.

An, ech hat dat och schonn ugedéit an der Kommissioun, och am Beräich vum Congé sportif wäerten Initiativen en faveur vun deene Benevolle kommen. Ech hat awer och derbäigesot, dass dat natierlech och heescht, dass, wa mer méi Leit kréien, déi an Zukunft de Congé sportif wäerten an Usproch huele kënnen, op där anerer Säit och d'Kontrollmechanisme mussen verstärkt ginn, fir eventuell Abusen ze verhënneren.

Här President, d'Inklusioun am Sport, d'Informatioun, d'Sensibiliséierung an déi konkreet Ëmsetzung um Terrain ass a soll en interdisziplinären, transversalen a partnerschaftlechen dauerhafte Prozess sinn, un deem jiddweree vun eis sech kann a soll bedeelegen. Ech hoffen an ech sinn iwwerzeegt dovunner, dass och dësen Débat d'orientation dozou konnt bäidroen.

Ech fannen, dass zu esou engem Débat d'orientation och gehéiert, dass een hei net nëmmen eng virebereete Ried hält, mee dass een och probéiert, esou gutt wéi méiglech op d'Froen anzegoen. Mat Sécherheet kann ech déi Froen net alleguerte beäntweren. Wann ech se am Virus gehat hätt, wär dat méiglech gewiescht, mee ech probéieren awer, dat esou gutt wéi nëmme méiglech ze maachen.

Déi einfachst war déi: „Wéi vill Leit sinn actuellement am Handisport insgesamt aktiv?“ Ech wëll dozou soen, dass mer bei de Special Olympics 688 Lizenzen hunn a bei de Paralympics sinn et der 201. Do gesäit een also schonn d'Envergnung vun der Aarbecht, déi an deene Federatiounen do geleescht gëtt.

Et ass gefrot ginn, ob et eng gutt Iddi wär, et fir Sportsveranstalter zu enger verbindlecher Obligatioun ze maachen, dass och handicapéiert Leit oder defavoriséiert Leit, wat hire Gesondheitszustand ugeet, kënnen drun deelhuelen.

Ech muss lech soen, dass ech dat perséinlech net fir eng gutt Iddi halen, och well ech mengen, dass se contraire ass zum autonom a privat organiséierte Sport zu Lëtzebuerg. Ech setzen do éischter op d'Iwwerzeegung, dass een dat als Best Practices sollt maachen, fir ze weisen, dass dat geet,

wéi dass een elo eng Obligatioun géif draus maachen, wat och géif riskéieren, dass da vläicht eenzel Veranstalter d'Loscht verléieren an dann iwwerhaapt näischt méi maachen. Mir géifen also riskéieren, als Ganzt ze verléieren.

Mee selbstverständlech, an ech mengen, dat war och d'Iddi, sollt ee probéieren, esou vill wéi méiglech ze mobiliséieren, esou vill wéi méiglech ze informéieren, esou vill wéi méiglech ze incitéieren, dass dat soll méiglech sinn. An dee Wee ginn ech ganz gäre mat!

„Benevolat“ hat ech gesot: De Congé sportif wäert een Element ginn, mat deem mer ganz konkreet eppes fir de Benevolat wäerte maachen.

Et ass och gesot ginn, dass mir eng ganz Rei vu Benevoller an de Sportsveräiner verléieren. Ee Grond, et ass gesot ginn, ass deen, dass déi Leit elo d'Méiglechkeet kréien, aner Saachen ze maachen, a gesinn, dass dat och ganz flott ka sinn, an esou de Sportsveräiner verluer ginn. Ech mengen, dass och ganz vill Leit an deene Veräiner oft den Androck hunn, dass, wa se Verantwortung iwwerhuelen, d'Verantwortung ganz eleng op hire Schëltere läit, an dass dat se och demotivéiert.

Duerfir kann ech nëmmen ëmmer erëm drun erënnere, dass et eng Méiglechkeet gëtt, sech och do haaptamtlech hëllefen ze loosse duerch déi Méiglechkeet, déi mer hunn, dass Sportsveräiner kënnen op EMI-Kontrakter zréckgräifen, déi mer am Kader vun der Politik vun der ADEM a vum Fonds pour l'emploi hunn. Et gëtt eng ganz Rei Sportsveräiner an och Verbänn, déi dat scho gemaach hunn. Ech kann also nëmme widderhuelen: Déi Méiglechkeet besteet.

Do komme Leit, déi also da praktesch vum Fonds pour l'emploi kofinanzéiert oder souguer ganz finanzéiert ginn, déi an de Sportsveräiner kënnen hëllefen an domadder och d'Laascht vun deene Benevollen e bësse kënnen ewechhuelen. Ech mengen, dass dat och e ganz wichtegt Element ass.

Dann ass gesot ginn: „méi Sport an der Schoul!“ Ech mengen, soulaang mer Sportsministeren hunn, war déi Fuerderung ëmmer erëm aktuell an ëmmer erëm um Dësch. Ech als Sportsminister géif mech esou enger Diskussioun selbstverständlech net verschléissen.

Ech sinn awer och pragmatesch genuch fir ze wëssen, dass et an der konkreter Ëmsetzung net esou einfach wäert ginn. Nieft dem Sport sinn och aner Demandeur an. Mir als Sportler soen, et misst méi Sportstonne ginn. Op där anerer Säit soen déi, déi am Kulturberäich aktiv sinn, et misst méi Konscht an der Schoul gemaach ginn, d'Sproocheprofessoren soen, et misst méi Sprooch gemaach ginn, d'Geschichtsprofessoren soen, et misst méi Geschicht gemaach ginn, soudass ech also mengen, dass et net esou einfach ass, alles - an alleguerten hu se Recht, jiddweree fir sech, well ech ganz kloer soen - ënnert een Hutt ze bréngen.

Ech gesinn dat duerfir och e bësse méi interdisziplinär. An enger Gesellschaft, wou et ëmmer méi drop erausleef, dass mer am Fong eng integréiert Ganzdagsbetreiung hunn, misst, mengen ech, an deem ganze Programmfloz, deen d'Kanner de ganzen Dag matmaachen a wou vill Stonnen an der Schoul verbruecht ginn - dat ass wichteg -, mee awer och ganz vill Stonnen a Maison-relais an an anere Strukturen verbruecht ginn, am Fong gekuckt ginn, fir eng gesamtheetlech Approche ze fannen, fir dass insgesamt méi Sport gemaach gëtt, well dat jo d'Zil ass, a virun allem insgesamt méi Sport mat professioneller Betreiung gemaach gëtt.

Dat ass och ganz wichteg an duerfir setze mir an der ENEPS och kloer op eng méi enk Zesummenaarbecht souwuel mat deenen, déi traditionell Schoulmeeschteren a Schouljoferen ausbilden, wéi och mat deenen, déi Educateuren an Educatrices ausbilden. Fir eis ass dat e ganz, ganz wichtegt Element an d'Reform vun der ENEPS ass do, mengen ech, och um gudder Wee, fir genau dat doten och erëmfannen.

Da sinn ech gefrot ginn: „Wat huet de Minister ënnerréit, fir d'Infrastruktur vum Sport bereetstellen?“ Ech hat et virdu gesot: Beim Plan quinquennal hunn net nëmmen ech als Minister, mee alleguerte meng Virgänger an der Regierung dofir gesuert, dass grouss Budgete fräigesat ginn. Ech wëll nach eng kéier drun erënnere, dass mer, wann et sech ëm en nationalen Zenter handelt, 70 % kofinanzéieren, wann et e regionale Sportzenter ass, 50 % kofinanzéieren an, wann et e lokalen Zenter ass, 35 % kofinanzéieren. Dat ass extreemst wichteg!

Ech weess och, dass mer an de Schoulen zum Beispill ganz vill Sportshale hunn. Virdrun ass en Appell gemaach ginn un d'Direktoren vun deene Schoulen, fir déi Infrastrukturen zousätzlech och nach zur Verfügung ze stellen. Ech wëll och do nach eng kéier drun erënnere, dass dat oft dru scheitert, dass keng Leit do sinn, déi d'Sportshale kënnen opspäre respektiv zouspären, well d'Portieren net iwwert de ganzen Dag verfügbar sinn. Och do gëtt et Méiglechkeeten, iwwert deen nämmleche Wee, vun

deem ech virdu geschwat hunn - iwwert d'EMI-Kontrakter zousätzlech Personal an d'Schoulen eranzekréien -, déi u sech keng Weiderbelaaschtung, keng finanziell Belaaschtung fir déi jeeweileg Schoul duerstellen, mee déi awer d'Offer weesentlech ausbaue kënnen. Dat hu mer schonn op verschidene Plaze reusséiert. An ech mengen, dass dat och kann e Modell fir anerer sinn.

Ech hu mat Freed festgestallt, dass meng Iddi, fir Famille 50 Euro ze ginn, fir dass se hir Schold vis-à-vis vun engem Veräin kënnen ofbezuelen, wa se engem Kand eng nei Lizenz wëlle ginn, hei op ganz fruchtbare Buedem gefall ass. D'Iddi ass direkt lancéiert ginn.

„Soll een dat dann net verallgemengere?“ Ech wëll ganz, ganz kloer soen, dass dat heiten eng Aktioun war, déi am Fong eemoleg geplangt war, eebe fir deem e bëssen entgéintzewierken, dass vill Veräiner gesot hunn, si hätten elo eng Perte vu Lizenzen ze verzechnen.

Wann een et pereniséiert, wéi virdrun ugeschwat ginn ass, da kann dat a mengen Aen nëmme mat enger méi grousser Selektivitéit geschéien, woubäi et da muss kloer sinn, dass déi Leit eppes solle kréien, déi et wierklech brauchen, an déi, déi Paien hu wéi ech, soen ech elo mol, net och nach vum Staat e Bong vu 50 Euro kréie mussen, wann hiert Kand Sport maache geet.

Wann duerfir iwwer Pereniséierung geschwat gëtt - déi heiten Aktioun war net esou geduecht, mee wann dat soll eng Iddi sinn -, dann ass meng Meinung ganz kloer: Da muss et eng sozial selektiv Mesure ginn, déi nëmmen deenen zeguttkënn, déi wierklech Schwierigkeiten hunn, an den Här Clement hat och dovun geschwat, déi da wierklech och geziilt un déi geet, déi et wierklech brauchen.

Vläicht nach, dat hat ech virdu bei den Infrastrukturen nach vergiess: Selbstverständlech ass et och esou, dass mer an deenen neie Sportsinfrastrukturen all d'Standarden erfüllen, fir dass déi behënner-tegerecht sinn, während dat bei deenen alen Infrastrukturen net iwwerall de Fall ass. Ech wëll awer och nach eng kéier ganz kloer hei op der Tribün soen, dass mer eis awer, och wa Gemengen eeler Infrastrukturen nei maachen, selbstverständlech mat ganz grousszügege Subside bedeelegen. Do si mer awer, an dat ginn ech ganz gären zou, och e bësse vun der Initiativ vun de Gemengen ofhängeg. Vläicht ass et ganz nützlich, de Gemengen an enger Circulaire nach eng kéier ze rappeléieren, dass déi Méiglechkeet besteet.

Vläicht ofschléissend, fir nach eng kéier op den Här Mischo zréckzekommen: Ech mengen net, dass et sech an der Sportpolitik ëm e Match handelt, deen iergendwou eng kéier ofgepaff gëtt. Souguer wann an deem enge Match d'Eelefmeterschëssen nach amgaangen ass, ass am Fong deen anere Match schonn amgaangen. Mir sinn am Fong hei an enger Situatioun, an där ee weess, dass e Status quo u sech e Réckschritt ass. An duerfir ass d'Sportpolitik, d'aktiv Sportpolitik, eng deegleche Erafuerderung, där mir eis mussen stellen an an där mer - an dat wëll ech hei betounen, dat ass meng fest Iwwerzeegung! - och nëmme kënnen virukommen, wa mer alleguerten un engem Strang zéien.

Dat zielt fir alleguerten d'Acteuren, déi am Lëtzebuerger Sport aktiv sinn, an deem mer, dat ass meng fest Iwwerzeegung, relativ gutt opgestallt sinn, wann ech un all déi Strukturen denken, déi mer hunn, vum Ministère iwwer en COSL, iwwer e LIHPS, iwwer e Sportlycée, iwwer eng Coque et j'en passe, well ech hunn der mat Sécherheet elo vergiess, iwwert d'ENEPS. Mir hu ganz, ganz vill gutt Strukturen, an deene ganz, ganz, ganz gutt geschafft gëtt a gutt Iddien op den Dësch kommen. Wat e bësse feelt, dat ginn ech ganz gären zou an doru muss geschafft ginn, ass d'Koordinatioun ënnereenen, ass och d'Verbesserung vum Mateneeschaffen. Dat ass eppes, wat mir ganz, ganz vill um Häerz läit. An do kommen natierlech, wa mer elo ganz konkreet iwwer Inklusioun an iwwer Problemer vun der Inklusioun am Sport schwätzen, och nach aner Acteure mat an d'Spill, déi mer do mussen mat un den Dësch kréien.

Wéi gesot, nach eng kéier e ganz grouse Merci fir dësen Débat d'orientation a virun allem och fir déi konstruktiv Beiträg.

Merci villmools.

■ **Une voix.** - Très bien!

Le saviez-vous ?

DOCUMENTS PARLEMENTAIRES

Les projets et propositions de loi ainsi que les avis et rapports y relatifs sont publiés comme documents parlementaires qui font l'objet d'une numérotation continue.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools dem Sportsminister Dan Kersch. Dës Punkt ass domat ofgeschloss.

3. 7781 - Projet de loi relative au réaménagement de l'échangeur de Pontpierre situé sur l'autoroute A4

Den zweete Punkt um Ordre du jour vun haut ass de Projet de loi 7781 iwwert de Reamenagement vum Echangeur Steebrécken op der A4. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an ech ginn d'Wuert un d'Madamm Rapportrice vun dësem Projet de loi, déi honorabel Madamm Chantal Gary. Madamm Gary, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

■ **Mme Chantal Gary (déi gréng), rapportrice.** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Här Minister, de Projet de loi 7781 ass e Finanzéierungsgesetz fir e Stroossebauprojet vum Mobilitéitsministère. Hei geet et ëm d'Reamenagement vum Echangeur Steebrécken op der A4, also op der Escher Autobunn.

Mam Vott vum Projet de loi 7781 gi mer als Chamber der Regierung den Ok, fir iwwert de Fonds des routes d'Depensé vu maximal 71,7 Milliounen Euro fir de Reamenagement vum Echangeur Steebrécken auszeginn, e Montant, dee wéi üblech un de Bauindex gebonnen ass, an d'Aarbechte ginn an engems als d'utilité publique deklaréiert.

Dës Finanzéierungsgesetz bëndelt scho gemaachten an nach noutwendeg Aarbechten op dësem a ronderëm dësen Echangeur an engem eenzege Gesetzesprojet, deen de gesetzleche Seuil vu 40 Milliounen Euro iwwerschreit.

D'Aarbechten um Steebréckener Echangeur dauere schonn eng ganz Zäiten an déi éischt Spueren dovunner fanne sech am Budgetgesetz vun 2005, wou d'Frais d'études virgesi waren, an duerno an der Chambermotioun vun de Grands projets d'infrastructure vun Oktober 2007, wouropshin am Budget 2008 ronn 7 Milliounen Euro fir éischt Aarbechten, den Déplacement vun der Tankstell a Richtung Stad, virgesi goufen. Ab dem Budget 2010 waren du schonns 17,25 Milliounen virgesinn an duerno gouf et weider Upassungen en fonction vun der Evolutioun vum Projet.

Wéi eng Aarbechte gesäit dës Projet, deen och am MoDu 2.0 virgesinn ass, also am Detail vir? Nieft respektiv ënnert der Escher Autobunn soll op der Héicht vun der N13, der Dräikantonsstrooss, den aktuellen onkompletten Echangeur duerch e groussen ovale Kreesverkéier ersat ginn, un dee sech dann déi véier Brëtelle respektiv d'Autobunnsoffaarten an d'Autobunnsoffaarte raccorderéieren.

Domadder erlaabt dës Projet endlech och eng direkt Opfaart um Echangeur a Richtung Stad, wat bis elo net méiglech ass, an och insgesamt méi securiséiert a fléissend Op- an Offaarten. De Verkéier muss duerno net méi duerch d'Wunquartiere vu Steebrécke fueren, wat aktuell de Fall ass - iwwert d'N4, d'Rue d'Europe, oder d'CR169, d'Route de Luxembourg.

Zu den Aarbechten, déi scho ganz oder deelweis gemaach sinn, gehéieren d'Verleëe vun enger Gasleitung, den Déplacement vun der Tankstell Richtung Stad, den Aménagement vun der neier Plattform fir d'Tankstell Richtung Esch op der Géigesäit an de Bau vun zwee Ouvrage-d'arten, déi fir de Kreesverkéier noutwendeg sinn.

Bei dësen zwee Ouvrage-d'arten handelt et sech ëm zwou Brécke vu 40 Meter Längt a jeeweils 4.500 Tonnen, déi 50 Meter nieft der Autobunn gebaut gi sinn an do während dem verlängerte Päischtwoek-end vun 2019 mat engem Hydrauliksystem ënnert d'Autobunn gedréckt gi sinn.

D'Tankstell Richtung Stad ass schonn 2009 geréckelt an nei opgeriicht ginn an d'Aarbechten un der Plattform fir d'Tankstell Richtung Esch hunn 2015 ugefaangen.

(**M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.**)

D'Installatioun vun der neier Tankstell ass amgaang a si wäert wuel nach dës Joer a Betrib goen.

D'Rue d'Europe, also d'N4, wou de Moment de gréissten Deel vum Opfaartstrafik Richtung Stad duerchleef, gëtt verkéiersberouegt an als Sakgaass zréckgebaut mat zum Schluss engem Wendehammer beim Echangeur.

Déi bestoend Autobunnbréck gëtt verbreedert an d'Bréck, mat där momentan d'Rue d'Europe iwwert d'N13 gefouert gëtt, gëtt ofgerappt. Zousätzlech kommen op béid Säite vun der Autobunn Écrans antibruit. Heizou ass eng Lärmschutzstudie gemaach ginn, et si Miessunge gemaach ginn, et ass eng Estimatioun vum Trafik gemaach ginn. Op Basis dovun sinn d'Ecranen dimensionéiert ginn. Am Ganze gi bal dräi Kilometer Lärmschutz installéiert mat enger Fläch vu ronn 11.000 Quadratmeter, Écrans antibruit absorbants mat ënnerschiedlechen Héichten en fonction vun der Proximitéit vun den Haiser.



Dëse Projet berécksiichtegt och schonns den zukünftegen Ausbau vun der A4 als vollwäertge Couloir multimodal. D'Autobunn wäert dee Moment hir normal zweemol zwou Spuere behalen, mee d'Standspuer respektiv d'Bande d'arrêt d'urgence wäert esou ausgebaut ginn, dass se temporaire als Busspuer a fir de Covoiturage benotzt ka ginn.

Am haut virleiede Projekt ass do zum Beispill eng Stützwand virgesinn, déi noutwendeg ass, fir de Couloir vum schnellen Tram fräizehalen. Dat ass fir ze evitéieren, dass duerno nach eng Kéier an deem Beräich Spärunge vun der Strooss misste gemaach ginn.

An da gesäit de Projet och nach Assainissementsaarbechte vir. Hei ass eng Mise en conformité a Vergrößerung vum bestoende Reewaasseropfaangbecke virgesinn, deen och mat der Mess wäert verbonne ginn.

Erlaabt mer, elo zum Schluss vun dësem Projekt nach kuerz op den Historique vun dësem Echangeur anzegoen, wuel wëssend, dass d'Escher Autobunn haut eng vun deene meeschtbefuerenen Autobunnen am Land ass.

Den Tronçon Steebrécken–Lalleng op der A4 ass nieft dem Tronçon Kierchbierg–Sennengerbierg op der A1 deen éischten Tronçon, deen am Land gebaut gouf. 1969 ass dësen Tronçon ageweit ginn. A säitdeem huet sech op dësem Echangeur kaum eppes geännert, wat natierlech als Konsequenz huet, dass d'Configuration net méi der aktueller Verkéierssituatioun ugepasst ass.

Wéi virdru schonn erwäant: Wann ee vun Esch kënnt an et wëllt een erof- oder vun der Autobunn fueren, da muss ee bis haut duerch Wunnquartiere fueren, fir de Wee op de Réseau secondaire, hei op d'N13 Richtung Wickreng, ze fannen. A fir op d'Autobunn Richtung Stad ass et mat der Rue d'Europe an der Route de Luxembourg nach schlimmer. Hei gëtt de Verkéier aktuell quasi just laanscht d'Haiser guidéiert, wéi ech et jo elo just schonns gesot hunn.

De Projet wäert deemno net just fir d'Automobilisten en Ënnerscheid maachen, mee virun allem en enorme Gewënn u Liewensqualitéit fir d'Awunner vun dëse Stroossen zu Steebrécke mat sech bréngen. Et huet laang un enger definitiver Visioun gefeelt, wéi dësen Echangeur zukunftsorientéiert amenagéiert kéint ginn. Elo si mer an der Logik vun enger multimodaler Autobunn mam schnellen Tram an engem Vëloexpresswee. Op Basis vun dëser Philosophie ass d'Finanzéierungsgesetz preparéiert ginn, wuel wëssend, dass de schnellen Tram respektiv de Vëloexpresswee net an dësem Finanzéierungsgesetz mat dran ass. Mee dëse Projekt passt awer elo op déi Entwécklungen, déi nach komme sollen, a bereet sech zum Deel och schonn dorobber vir.

De Projet de loi 7781 gouf de 4. März dëst Joer vun eise Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, dem Här Bausch, an der Chamber deposéiert. De Staatsrot huet säin Avis den 11. Mee ofginn an hat keen Awand. Doropshin huet d'Mobilitéits- an d'Travaux-publics-Kommissioun mech den 10. Juni 2021 als Rapportrice designéiert. An der Rapport gouf den 1. Juli unanime vun der Kommissioun uegeholl.

Heimat ginn ech deen Accord vun der grénge Fraktioun an ech soen lech villmools Merci fir d'No-lauschteren.

Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.*- Merci och der Madamm Rapportrice.

Den éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Marc Spautz.

Discussion générale

■ **M. Marc Spautz** (CSV).- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'éischt e grouse Merci der honorabler Madamm Chantal Gary fir en exzellente mëndlechen a schrëftleche Bericht.

Den Echangeur Steebrécken op der Autobunn A4 ass - an d'Madamm Gary hat et och nach eng Kéier gesot - ee vun deenen éischten, fir net ze soen deen éischten, gewiescht, deen et zu Lëtzebuerg ginn ass op der Autobunn, well dat Stéck ... A verschidde Leit heibanne kënnen sech nach erënneren, als Kand, wéi se do déi éischte Kéier hu kënnen op deem dote Stéck Autobunn fueren. Dat war eppes Neies. An do sinn der och vill ...

(Interruption par M. Dan Biancalana)

Jo, Här Biancalana, als Kand!

(Hilarité)

Déizäit war och eisereen nach e Kand. Wat war dat flott, wann ee konnt mam Papp oder mat der Mamm op deem éischte Stéck Autobunn fueren! An et huet een heiansdo och en Ëmwee gemaach, fir an d'Stad ze kommen, fir d'äerfen iwwert d'Rout Bréck och do dat klenge Stéck kënnen ze fueren. Well méi Autobunn hate mer deemools nach net hei am Land.

D'Gesetz vun haut de Mëtteg ass derfir do, fir och eng Base légale ze schafen. Et si scho verschidden Ännerunge gemaach ginn, déi och bluttnoutwendeg waren. Dat eent, dat war emol dat Verréckele vun där Tankstell, déi 2009 geréckelt ginn ass.

Et ass och elo wichteg, dass deen anere Forme kritt, well an Zwëschenzäit huet Lëtzebuerg méi Awunner. Dee ganzen Eck huet vill méi eng grouss Attraktivitéitszon kritt, et ass amgaang eng ze entstoen déi aner Säit Richtung Wickreng. Dofir ass et och wichteg, dass een do direkt eng Ubannung kritt op d'Autobunn, fir dass d'Liewensqualitéit vun der Leit, déi do an deem Eck wunnen, och méi grouss gëtt, well och d'Gemeng Monnerech ass méi grouss ginn an och Steebrécken huet méi Awunner bäikritt, wéi dat deemools 1968 an der Planungen de Fall war.

Ech mengen, et ass och wichteg fir ze ënnersträichen zur Lärmbelästegung, déi bis elo war fir déi Leit, déi do an deem Eck gewunnt hunn, dass do eppes ënnerholl gëtt géint dee Kaméidi an dass si doduerch och méi eng grouss Liewensqualitéit kréien. Et ass och wichteg, dass d'Rue d'Europe endlech anescht ersaasst gëtt, well dat awer säit Enn de 60er-Joren ëmmer méi Verkéier mat sech bruecht huet. Well et ass ënnerstrach gi vun der Madamm Gary, dass et eng vun deenen am meeschte benotzten Autobunnen hei am Land ass.

Ech géif awer gären an deem Kontext och nach e puer aner Remarque maachen an der Minister froen, och wann dat hei elo e fantastesche Projekt ass, deen och d'Zoustëmmung vun eis féint, wou ech och wëll ënnersträichen: Mir hunn och d'nächst Joer Esch 2022, wou mer jo hoffen, dass och de ganze Süden dervu ka profitéieren, vun der Attraktivitéit vun Diddeleng bis op Rémeleng, bis op Déifferdeng, bis op Péiteng, an dat doten ass eng Achs dervun, déi do och muss spillen, dass een och do muss oppasse mat deenen Attraktiounen, déi an deene jeeweilegen Uertschafte si bei Esch 2022, well do all Mount eng aner Südgemeng am Mëttelpunkt steet, dass een dat do och vläicht ka berücksichtigen, wann een do dee Chantier organiséiert.

En anere Punkt, Här Minister: déi Leit, déi déi Autobunn all Dag benotzen, dat doten ass ee vun de Problempunkten. Gutt, dass do eppes geschitt!

En anere Problempunkt ass heiansdo - ech betounen: heiansdo - d'Tankstell, well se heiansdo zréckst bis op d'Strooss; dat kënnt virun allem vir - ech mengen, dat ass déi meeschtbefueren Autobunn aus dem Land op Diddeleng eriwier -, wann do eppes geschitt ass, da sti se heiansdo mat der Camionen zréck bis op d'Tankstell, ob een do net nach eppes ka mat berücksichtigen.

An da virun allem, an der Minister weess et, well ech hat e schonn eng Kéier an der Kommissioun drop ugeschwat, dass mer och eppes misste maachen op där Autobunn - d'Ausfahrt Croix de Cessange fir eriwier op Tréier respektiv d'Areler Autobunn -, well do sti se alt heiansdo zréck bis op Leideleng. Dat ass e Geforepunkt op där Autobunn, dass mer och do an där ganz Euphorie, déi elo ass fir deen heite Projekt, deen och gutt ass, deen och noutwendeg ass, wou mer och gläichzäiteg, et ass ënnerstrach gi vun der Rapportrice, dat mam schnellen Tram mat berücksichtigen, dass mer awer och kucken, deen anere gréissere Problempunkt op där Autobunn ewechzékriegen.

Mir d'äerfe jo och net vergiessen: Den Uschloss vun der franséischer Autobunn, dee wäert jo och gläich fäerdeg sinn, dass dann uewen um Raemerech och do den Uschloss kënnt direkt op d'Autobunn an net méi duerch de Belval - dach, nach ëmmer deelweis duerch de Belval -, mee dass dat och nach zousätzleche Verkéier wäert mat sech bréngen, dass deen dann awer och fléissend virukënn.

Dat gesot villmools merci der Madamm Gary nach eng Kéier. Mir ginn d'Zoustëmmung zu dësem Projekt.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.*- Merci och. Dann huet den Här Max Hahn d'Wuert.

■ **M. Max Hahn** (DP).- Merci, Här President. Jo, ech mengen, et gëtt eppes zu Steebrécken, wat et soss nëierens am Land gëtt: eng Op- an eng Offaart vun enger Autobunn, déi queesch duerch e Wunngebitt geet, meng Virriedner hunn et scho gesot. Do derneft gëtt d'Offaart nach gekräizt vun engem Chemin repris, dem CR169, eng Situatioun, déi sécherlech alles anescht wéi flott ass. An ech mengen, et ass net iwwerdrifwen ze soen, dass et wuel déi onkamoudsten an déi nervegst Op- an Offaart vu Lëtzebuerg ass, ...

(Interruption)

... virun allem emol fir déi Leit, déi do wunnen. Keen huet Loscht, permanent dem Kaméidi an dem Gestank an den Ofgasen ausgesat ze ginn. Dat gëllt natierlech net just fir Steebrécken, mee fir dat ganz Land. Mir brauchen dofir Verkéiersberouegungen an eng besser Liewensqualitéit domadder fir d'Bierger, an zwar iwwerall op esou Plazen.

Dowéinst si mir als DP-Fraktioun dann och ganz frou, dass elo en endgültige Projekt um Dësch läit,

deen d'Situatioun zu Steebrécke spierbar verbessere soll. D'Rapportrice huet et gesot: De Projekt huet am Laf vun der Zäit vill evoluéiert an en ass ëmmer erëm nees adaptéiert ginn. Et huet sech dach ganz laang gezunn. An effektiv, de Chantier op där Plaz zitt sech schonn zimmlech laang. Fir jiddereen, deen do an der Géigend wunnt, ass de Chantier schonn e gewinnnten Ubléck ginn.

Ech war viru Kuerzem an engem bekannte Café do an der Géigend. De Wiert huet mer gesot, dass schonn iwwer 30 Joer vun deem heite Projekt geschwat géif ginn an et géif héich Zäit ginn, eppes ze maachen. Ech mengen, dee Wiert huet Recht. Déi éischt Etüde sinn, jo, Enn den 90er gemaach ginn. An et ass 2008 da lassgaange mat der Tankstell, déi versat ginn ass a Richtung Stad. Entretemps gëtt och un där anerer Tankstell déi aner Säit, Dir wësst dat bestëmmt alleguerten, gebaut. An och dat huet eng Zäit gedauert, bis dass sech ee fonnt huet, deen dohinner wollt. Elo geet et do endlech dann och virun.

Alles an allem begrësse mir als DP op alle Fall dëse Projekt, well et ass e Plus vu Liewensqualitéit op där enger Säit fir d'Awunner, déi do wunnen, déi also den Duerchgangstrafick net méi virun der Nues hunn. Zousätzlech gëtt och fir si gekuckt, dass zousätzleche Schallschutz hei installéiert gëtt, fir och hei d'Liewensqualitéit ze verbessern. An op där anerer Säit sinn et selbstverständlech awer och d'Automobilisten, déi Dag fir Dag op där heiter Plaz fueren, déi hei entlaascht ginn.

Den Aménagement vum Steebréckener Echangeur leet awer och schonn d'Fundament op där heiter Plaz fir déi zukünfteg méi enk Verbindung tëscht dem Süden an der Stad duerch dee multimodale Korridor, och eppes, wat nei ass hei dann zu Lëtzebuerg, wou et net méi drëms geet, just den Auto ze berücksichtigen, mee wou e Couloir geschaaft gëtt fir de schnellen Tram, wou gekuckt gëtt, fir d'Standspuer ze notze fir de Covoiturage, fir den ëffentlechen Transport. Ech mengen, dat ass e Wee, wéi eis Stroosseninfrastrukturen an der Zukunft sollen alleguerte geplangt ginn. Ech mengen, mir kënnen et alleguerten net erwaarden.

An ech hat elo bal eppes ganz Flottes och nach vergiess: déi Vëloautobunn, déi quasi och nienendrun installéiert gëtt. Och dat, mengen ech, ass ganz am Sënn vun der Zäit. D'Finanzéierungsgesetz haut ass e klengen Deel, wéi gesot, da vun deem Ganzen.

Dëst gesot, léif Kolleegen, géif ech der Rapportrice nach villmools Merci soe fir hir zwee ganz gutt Rapporten: hire mëndlechen a schrëftlechen. An ech géif awer selbstverständlech och den Accord gi vun der DP-Fraktioun.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.*- Merci och dem Här Hahn. Den nächsten agedroene Riedner ass den Här Biancalana.

■ **M. Dan Biancalana** (LSAP).- Merci, Här President. Här Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, jo, zu Steebrécken wäert den Echangeur vun der A4 endlech erneiert ginn. D'Rapportrice ass och schonn op den Historique agaangen an huet och d'Adaptatiounen erwäant, déi gemaach goufen. Ech wëlt hir vun dëser Plaz dann och Merci soe fir hiren detailléierte schrëftlechen a mëndleche Rapport. Ech wäert och net op den Historique agoen, op d'technesch Detailer, mee éischter op d'Ausrichtung vun dësem wichtige Bauprojekt an Infrastrukturprojekt.

Jo, den Echangeur selwer staamt aus der Zäit, wou d'A4 gebaut gouf, dat heescht dem Joer 1969. An et huet ee jo haut de Mëtten hei eraushéiere vu Virriedner, dass verschiddeener schonn an hirer Kandheet do gespillt hunn. Anerer waren zu där Zäit nach net gebuer.

D'Zoufaarten op alle Fall op d'Autobunn sinn a béide Richtungen den haitege Standarden net méi ugepasst. Wëllt ee Richtung Esch fueren, ass d'Offaart immens kuerz. A mat deem ville Verkéier, deen een awer dagdeeglech op der A4 huet, entsteet do eng ganz geféierlech Situatioun. An och ëmgedréit: Wëllt ee Richtung Stad fueren, da muss ee fir d'éischt duerch d'Rue de Luxembourg fueren, wou eng Rei Leit wunnen. An da gëtt et, kuerz ier et op d'Autobunn geet, nach d'Géigespuer, den CR169, deen een iwwerkräize muss. Dat alles ass an der Concepcioun net optimal. Dofir wäert och, mengen ech, dësen Émbau e Méi u Verkéierssécherheet bréngen - an déi ass och noutwendeg!

Anerersäits stëmmt an dësem Fall awer och d'Konzept hannert dem ganzen Émbau. Hei gëtt net just den Accès op eng Autobunn securiséiert, mee de Projekt ass awer och esou konzipéiert, esou geduecht, dass deenen anere Mobilitéitsprojete Rechnung gedroe gëtt, déi an deem Raum geplangt sinn. An ech denken do un de Couloir multimodal, dee jo och virun engem gudde Joer ugekënnegt gouf.

Do gesäit ee jo och nieft dem Tracé vun der Autobunn den zukünftege séieren Tram, deen dohinner kënnt, deen och Esch mat der Stad verbanne wäert,

an awer och de Vëloexpresswee, dee virgesinn ass. Bon, et war laang och d'Diskussioun vun enger Busspuer. Do gesäit de Projekt awer elo éischter eng Standspuer vir, déi ausgebaut gëtt, wou eng drëtt Spuer hikënn fir, wéi gesot, och de Covoiturage. Ech mengen, och dat ass ganz positiv.

Hei gëtt also en Echangeur ganz kloer op der Autobunn moderniséiert. Mir sinn natierlech och hanert deene Mobilitéitsprojeten, déi och an der Zukunft do geplangt sinn, notamment dem séieren Tram.

Wichteg ass awer och, mengen ech, deen neie Schallschutz, deen dohinnerkënn, dee virgesinn ass, well et ass am Beräich vu verschiddeenen Haisern, déi ganz no un der Autobunn sinn. A gutt un dësem Projekt gefäit eis och als LSAP, dass am Fong d'Autofuerer, déi zu Steebrécken erausfueren, an Zukunft net méi müssen am Fong duerch d'Rue d'Europe fueren, fir op d'N13 ze kommen. Et ass am Fong e Plus u Liewensqualitéit fir déi dote Leit, déi do effektiv wunnen. Ech mengen, hei ass de Präis vun 71,7 Milliounen och néideg, well jo hei zwou Brécken hu missen, wéi gesot, gebaut ginn. Dat erkläert am Fong déi Erhéijung zu dësem Infrastrukturprojekt.

Ech wëlt awer och nach hei drop opmierksam maachen a bemerken, d'Virriedner hunn et och gemaach, dass a Richtung Stad an der Zoufaart fir op d'Tankstell, bon, do sti reegelméisseg Camionen bis op d'Autobunn. Dat ass e reelle Geforepunkt. An ech mengen, dee muss een och am A hunn an der aktueller Situatioun, awer och herno am Kader vum Émbau.

Op alle Fall kann ech am Numm vun der LSAP soen, dass duerch dës Neigestaltung d'A4 méi sécher wäert gestalt ginn. An doropshin ginn ech natierlech och den Accord vun der LSAP fir dëse Finanzéierungsprojekt.

Merci.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.*- Merci och. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Keup.

■ **M. Fred Keup** (ADR).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, fir unzefänken e ganz grouse Merci un d'Rapportrice fir deen exzellente Rapport, souwuel mëndlech wéi och schrëftlech.

Viru Joren, et ass scho länger hier, du wollt ech eng Kéier vu Steebrécken an d'Stad fueren an du wollt ech dann op d'Autobunn fueren. Du sinn ech de Schëlter nogefuer, do laanscht dee berüchtigte Café. An du koom ech do an e Wunnquartier an du sinn ech stoe bliww mam Auto, well ech konnt mer net virstellen, dass et do géif op d'Autobunn goen, esou irrealistes huet dat deemools fir mech ausgesinn. Du sinn ech zréckgefuer an nach eng Kéier dohinner, bis ech dann effektiv eraushat, dass de Wee op d'Autobunn géif duerch de Wunnquartier goen, wat mech effektiv deemools och schockéiert huet a wou ech also elo och frou sinn, haaptsächlech fir déi Leit, déi do wunnen, dass déi Situatioun sech endlech ännert.

Ech hat d'Chance, zwielef Joer op Esch ze fuere vu Mamer aus. Firwat „d'Chance“? Ma d'Chance war am Fong déi, dass ech net hu misse vun Esch an d'Stad fueren, mee an d'entgéigegesate Richtung. An ech konnt dann ëmmer mat Matleed kucken, wéi déi Leit, déi aus dem Süden koumen, dann dagdeeglech do am Stau stoungen - virun zwielef Joer, an dat gesäit een och gutt, wann een e bëssen opasst, d'äitlech manner wéi haut. Also, do gesäit ee schéin, wéi vu Joer zu Joer de Stau, de Verkéier zouhëlt. A souguer och an déi aner Richtung, Richtung Esch, gesäit een och, wou, ech soen, virun zwielef Joer nach ganz wéineg Autoe gefuer sinn an der elo ëmmer méi do sinn.

Dat huet natierlech och seng Grënn. An ech hunn elo hei gekuckt, Dir hutt gesot, 1969 ass deen Tronçon vun der Autobunn do gebaut ginn. Majo, dat waren, ech hunn hei d'Zuel fonnt vun 1970, Awunner am Kanton Esch - dat war nach, mengen ech, virun der Stolkris, zum Héichpunkt vun der Industrie -: 114.000 Awunner. 20 Joer drop, 1990: 116.000 Awunner. Also, quasi an 20 Joer - dat huet natierlech och mat deem ganze Strukturwandel, mat der Kris ze dinn, déi am Minett war - praktesch keng Verännerung an der Bevëlkerungszuel. An da geet et awer staark erop, 2001: 134.000, 2011: 150.000, an ëmmer méi schnell, exponentiell quasi; 2021 dann 185.000 Awunner. Wann een elo rechent, also mir hunn zwëschent 1991 an 2011 an 20 Joer am Kanton Esch 34.000 Leit bäigeholl, awer da vun 2011 bis 2021 an Zäit vun 10 Joer 35.000, also do méi an 10 Joer wéi virdrun an 20 Joer.

Wann déi Situatioun esou weidergeet, da wäert natierlech och d'Zuel un Autoen nach ganz massiv klammen, d'autant plus, dass mer jo och ... Ech mengen, dat ass elo net, fir eng Schold hei ze ginn, mee dat ass einfach d'Situatioun. Mir brauche schrecklech laang, fir eppes ze maachen. Dee Projekt hei staamt jo ursprüngelech aus den 90er-Joren.



Elo hu mer de Projet vum schnellen Tram. Dee fiert vläicht schnell, mee en ass op jidde Fall net schnell am Gebautginn, wou e warscheinlach dann och no 2030 wäert fueren. Wann d'Bevëlkerungsentwëcklung esou weidergeet, da wäert den Trafick natierlech nach weider zouhuelen, mat all den negative Konsequenzen, déi vun do kommen.

An dann hunn ech nach net iwwert d'Frontaliere geschwat. Fir lech do eng Zuel ze ginn: 1990 hate mer 16.000 Frontalieren aus Frankräich an 2021, also haut, 110.000. Also, do hëlt och déi Zuel andauernd zou a mir komme leider Gottes net no.

Dat gesot ass natierlech de ganze Projet hei eng ganz gutt Saach, fir dat Ganzt ze reegelen. Mir musen iergendwéi dat Beschta draus maachen. Mee haaptsächlech och fir d'Leit, déi do wunnen, ass et ganz positiv fir hir Liewensqualitéit. An ech begrëssen do an, ech mengen, d'ADR begrëisst och ausdrëcklech, dass do dee Lärmschutzwall opgeriicht gëtt an dass do och net gespuert gëtt, dass dee grouss gëtt a laang gëtt, fir dass déi Leit do net ze vill belästegt ginn.

Dat wier och eng Iddi, et ginn och nach ëmmer aner Plazen, wou een den Autobunnskaméidi ganz gutt héiert a wou esou e Lärmschutzwall zum Beispill de Leit och géif ganz vill hëllefen.

An deem Sënn gi mer als ADR d'Zoustëmmung fir dëse Projet. Merci.

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci och. Déi nächst Riednerin ass d'Madamm Cecchetti.

■ **Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk).- Merci, Här President. Här President, léif Kolleegen a Kolleeginen, den Echangeur zu Steebrécken entsprécht net méi de moderne Standarden. An dofir gëtt jo scho säit iwwer 20, scho bal 30 Joer, driwwer diskutéiert, fir deen nei ze amenagéieren. Donieft ass et esou, dass am Kontext vum schnellen Tram an der Vëlosautobunn déi heite Plaz souwiew muss nei ausgeriicht ginn. An dëse Projet dréit deem jo och Rechnung.

Wann ech dat richteg verstanen hunn, da muss duerno just nach eng komplementär Bréck op där Plaz gebaut ginn, fir den Tram a Richtung Süden ze kréien. De schnellen Tram ass fir eis aktuell dee wichtigste Projet an der nationaler Mobilitéitspolitik a mir ënnerstëtzen am Prinzip dofir och all Projet, deen eis enger Realisatioun méi no bréngt.

No all deem Luef awer och elo méi e kritesche Bléck. Mir hunn eis Virbehalter par rapport zu deem Projet. Mir kréien elo hei en Echangeur, deem seng Capacitéiten ëm e Villfaches méi héich wäerte si wéi dat, wat mer elo hunn, an dat, obwuel déi Kantonalstrooss ënnendréiner, déi do desservéiert gëtt, keng Hauptverkéiersachs ass an dës Strooss och keen esou e grouss Anzuchsgebitt huet.

Mir bleiwe bei eiser Meenung, dass nei Stroossen och méi Trafick bedeuten. Grouss Infrastrukturprojeten, déi probéieren, den Individualtrafick méi fléissend ze maachen, erreechen eiser Meenung no mëttel- a laangfristeg genue de Contraire, well se justement den Individualverkéier stärke par rapport zur kollektiver Mobilitéit.

Et stellt sech also fir eis d'Fro, ob een net hätt éischter missen eng Ëmgestaltung maachen, déi op eng Berouegung vum Verkéier op där Plaz ofziilt wéi op eng Erhéijung vum Duerchfloss an do den ËT och stäerken, also den ëffentlechen Transport verstärken, well deen ass an deem Eck do net ganz déck.

Mir si just Membre-observateur an der Mobilitéitskommissioun, déi dann och nach permanent mat anere Kommissiounen wéi och der Presidentekommissioun zesummefällt. An dowéinst hu mir och vläicht verschidden Diskussiounen einfach verpasst. Mee mir ginn d'Gefill net lass, dass dëse Projet a senger konkreter Ausgestaltung ganz staark beaflosst gouf duerch dee groussen Immobilienprojet zu Wickreng. Just nieft dem Echangeur baut jo e groussen Entrepreneur eng „Motor City“ mat Geschäfte a Betriber, Ausstellungsflächen an, wéi ee konnt liesen, och engem groussen Hotel an e puer Wunnengen.

Ouni och elo op d'Responsabilitéiten anzegoen, muss ee festhalen, dass dëse Projet aus der Siicht vun der Landesplanung eng zimmlech Katastroph ass. Hei gëtt einfach op der grénger Wiss eng grouss Aktivitéitszon gebaut, genue an deem grénge Band tëscht der Agglomeratioun Süd an der Agglomeratioun Zentrum.

(**M. Fernand Etgen reprend la présidence.**)

Dëse Projet wäert massiv Trafick unzéien op eng A4, déi moies an owes schonn no beim Kollaps ass. Fir eis stellt sech d'Fro, ob hei net privat Profitinterëte virun den Interessi vun der Allgemengheet gestallt goufen.

An dann nach eng lescht Saach. An de Kontext vun dësem Projet fält och nach déi nei Tankstell op der A4 Richtung Esch, déi grad finaliséiert gëtt. Déi ass justement wéinst der Neiausrichtung vum Echan-

geur verréckelt ginn. Ech wëll hei dann och emol gesot hunn, dass dat fir eis eng Feelentscheidung war. Nei Tankstellen ze bauen an enger Zäit, wou mer ansonsten alles maachen, fir d'Verbrennungsmotore vun der Strooss ze kréien, ass einfach en Anachronismus.

Duerch d'Op- an d'Offueren op déi Tankstell gëtt de Verkéier op der Autobunn zousätzlech gestéiert an da kënn och nach derbäi, dass de schnellen Tram wäert mussen en Ëmwee ronderëm déi Tankstell maachen an do dann och héchstwahrscheinlech wäert mussen ofbremsen, ouni awer zu Steebrécken stoen ze bleiwen; wann ech dat richteg verstanen hunn.

Wéi gesot wëlle mir eis der Neigestaltung vum Echangeur net komplett widdersetzen, mee mir hätt en eis eng aner Ausrichtung gewënscht. Dofir wäerte mir eis enthalten.

Merci fir d'Nolauschteren.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Madamm Cecchetti. A leschte Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Marc Goergen** (Piraten).- Merci, Här President. Ech ginn elo net nach eng Kéier op d'Detailer vum Projet an. D'Madamm Gary huet dat exemplaresch gemach. An der Kommissioun ass e jo schonn e bëssen traitéiert ginn. Ervirehiewen ass natierlech, dass elo endlech dee Lärmschutz kënnt. E Familljemitglied vu mir wunnt do an der Géigend. Deen huet mer nach eng Kéier erkläert, wéi schlëmm et am Moment ass an dass et wierklech ze begrëssen ass, dass do elo eng Verbesserung kënnt.

Dat ass och ee vun de Punkten, wou mir Piraten dem Minister kënne felicitéiere fir dee Projeten, deen hie gemaach huet. Et sinn awer och Punkten an deem Projet, déi eis net gutt gefalen. Déi hat ech och an der Kommissioun ugeschat. An ech wäert se och nach eng Kéier haut ervirhiewen.

Dat ass virun allem déi Affär mat där Tankstell, déi Der baut. Dat heescht, Dir hutt déi Terrainen. Ech hunn och zweemol an der Kommissioun elo gefrot gehat, wat de Staat iwwerhaupt erëmkritt u Geld, well do gëtt de Staat emol eng Kéier zéng Milliounen aus aus senger Täsch an et sinn herno d'Pétrolsentreprisen, déi do den décke Benefiss maachen.

Dauert dat ee Joer, zwee Joer, bis mer dat Geld komplett erëmhunn? Ech hat dat zweemol gefrot. De Minister hat mer zwar versprach, dat ze kréien. Ech hat elo schnell nach eng Kéier am Intranet gekuckt, et war awer nach kee Präis do. Mee ech huelen un, de Minister erkläert eis elo nach eng Kéier genau, wéi dat ass.

Nieft dem Präis, den zweete Punkt, dee mer einfach net verstinn, ass: Hei kommen déi gréng allkéiers hin a se schwätzen: „Mir musse méi Elektro maachen“, „mir musse eng CO₂-Steier ...“, „mir musse Pipapo“, „mir musse d'Leit vum Auto ewechkréien.“

Elo sinn et awer déi gréng, déi op esou engem groussen Echangeur zwou Tankstelle matfinanzéieren als Staat! Dat ass einfach eng Logik, déi mir als Piraten net kënne verstoen. Wa mer wëllen, dass mer aus deem Tanktourismus erausklammen, da kann et net sinn, dass mer elo op der A4 erëm zwou risegrouss Tankstelle bauen. Do ass einfach keng Logik derhannert!

Ech mengen, et ass och kee Bierger dobaussen, deen nach iergendwéi déi Politik vun deene Grénge do ka verstoen, dass de Staat elo higeet an esou vill Milliounen an de Grapp hëlt, zéng Milliounen, an op där anerer Säit seet een: „O, Dir musst awer elo déi fënnel Cent allkéiers op der Pompel bezuele fir Ären Auto!“

Dat ass einfach net ze verstoen. Entweder wëllt Der aus dem Tanktourismus eraus oder net. An da gitt Der net hin an Dir gitt an der Chamber nach e Projet eran, wou mer iwwer zéng Milliounen finanzéiere fir Tankstellen, fir dass d'Pétrolsentreprisen dat herno kënne maachen. Dat ka jo einfach net sinn!

An Dir hutt natierlech en Opfangbecken derbäi. Dat ass natierlech alles schéin a gutt, mee wa mer d'Klimakris ëmmerhi weider selwer undreiwen duerch déi Pétrolsprodukter, da weess ech net, wivill Opfangbecken Der herno musst deementspreechend bauen.

Bon, mir Piraten wäerten de Projet matstëmmen, well mer gesinn, dass déi Leit, déi do wunnen, et endlech verdéngt hunn. An de Verkéier ass vill. An ech ginn et och zou: Ech sinn ee vun deene Schëllegen, deen do am Verkéier matfiert. Mee d'Leit hunn et endlech verdéngt, dass Steebrécken a Wickreng endlech emol do eng Liewensqualitéit erëmkreien, well dee Projet huet vill ze vill laang geschleeft. An ech mengen, dat doten ass eppes, wat scho laang bekannt war. Déi Leit hunn elo laang dorop gewaart. Ob dat elo ass wéinst dem Riseprojet? Et ass eigentlech eng interessant Approche, ob dat net iergendwéi eppes beschleunegt hätt.

Mee op d'mannst geschitt elo eppes. Dofir wäerte mir Piraten hei zoustëmmen. Mee mir hoffen awer, dass d'Strategie vun deene Grénge, fir aus dem Tanktourismus erauszeklammen, méi effektiv wäert gi wéi dat, wat se haut presentéiert hunn.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Vizepremier a Mobilitéitsminister a Minister fir ëffentlech Aarbechten, den Här François Bausch.

Prise de position du Gouvernement

■ **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*.- Merci, Här President. An direkt emol merci un d'Madamm Gary fir hire gudde schrëftlechen a mündleche Rapport a selbstverständlech och un d'Chamber fir déi breet ..., wann ech dat elo richteg gerechent hunn, 58 Jo-Stëmmen an 2 Enthaltungen fir deen heite Projet.

Ech wëll vläicht am Ufank nach eng Kéier ënnersträichen, ëm wat et hei geet. Et geet net nëmmen einfach drëms, en Echangeur ëmzebauen, mee et geet drëms, wéi verschidde Riedner, den Här Hahn an och nach anerer, dat hei och ënnerstrach hunn, fir dee Couloir multimodal, dee mer wëlle schafen tëschent der Haaptstad an Esch, also dem Süde vum Land - natierlech profitéieren dann och mat dervu Steebrécken, Monnerech an déi Uertschaften, déi ronderëm leien -, fir deen esou ze gestalten, dass mer an Zukunft e separate Couloir hu fir de Bus, dass herno eng Kéier en Tram wäert do fueren, dass och eng Vëloexpresspist do wäert fueren, dass selbstverständlech och den Auto seng Plaz huet, dass eng Spuer kënnt fir de Covoiturage, dass ass zwar déi nammlechte wéi déi fir de Bus.

Dat Ganzt gëtt och mat enger neier Signalisatioun an dann an Zukunft enger digitaler Signalisatioun da geleet, also gestéiert, wou mer kënne relativ variabel och agräifen an de Verkéier. Do wëlle mer e ganz innovativ Projet maachen. Dat hat den Här Spautz jo och gefrot wéinst der Croix de Cessange. Och do gëtt et eng Etüd fir ze kucken, wéi mer d'Croix de Cessange ëmbauen. Mee och, Dir hat jo gefrot: „Wéi geet dat an Zukunft mat den Op- an Offaarten?“ Ech mengen, mat där ganzer digitaler Steuerung wäerte mer eis ganz aner Méiglechkeete ginn oder nach besser Méiglechkeete gi wéi op anere Plazen, wou mer amgaange sinn, Saachen ze maachen.

An deen Echangeur hei läit natierlech, et ass e bësse wéi en Häerzstéck, wéi wann ech an engem Zucheseau géif kucken, wann ech an d'Gare Lëtzebuerg kéim, wou e grouss Weichenhäerz wär. Wann ech do wëll all déi Fonctionalitéite hikréien, dann ass et natierlech kloer, da kann ech deen Echangeur net esou loossen, wéi en elo ass.

Dofir, déi Envergure vun deem Echangeur, déi huet bestëmmt näischt ze di mat iergendengem Immobilienprojet, dee vu Privatleit do zu Wickreng gemaach gëtt. Well d'Planung heivun, dat kann ech lech soen, déi war laang amgaangen, ier iwwerhaupt deen dote Projet an der Diskussioun war an der Ëffentlechkeet an och an der Planung war. Well dat heiten hu mer ugefaangen ze plange viru siwe Joer, aacht Joer an där Form, wéi et elo hei virläit. Dunn huet nach kee Mënsch vun där, wat et och ëmmer ass, „Auto City“, wéi et genannt gëtt, do geschwat. Also beim beschte Wëllen, mir maachen eis Projeten net en fonction vu private Projeten, Immobilienprojeten, déi ronderëm lafen.

Dat heescht, dat, wat hei geplangt gëtt ...

(**Interruption par M. Michel Wolter**)

Här Wolter, ech kann lech just soen, deen Echangeur hei, esou wéi en haut virläit, ech schwätze vun deem, wéi en haut virläit, do ass d'Planung esou ugaange vun deem Moment un, wou mer de MoDu 2.0 ausgeschafft hunn, wou mer festgestallt hunn, dass een op deem ganzen Tronçon tëschent Esch a Lëtzebuerg eppes anescht muss maachen. An dat war de Beweegrond, fir dat heiten ze maachen, a ganz sécher net iergendee privaten Immobilienprojet.

Jo, den Här Wolter wollt eng Fro stellen, Här President. Ech si gär bereet, em selbstverständlech drop ze äntweren.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Den Här Wolter huet d'Wuert.

■ **M. Michel Wolter** (CSV).- Ech wollt lech am Fong an deem Sënn just soen, dass dee Projet zu Léiweng, also Wickreng, dee jo herno iwwergaangen ass an de Projet Léiweng-Wickreng, e Projet ass, deen et schonn 20 Joer gëtt, dee sollt an d'Zone verte interurbaine gebaut ginn. Deemools hunn nach de Mouvement écologique, d'Ville d'Esch-sur-Alzette an d'Ville de Mondorange géint dee Projet lautstaark demonstéiert, wat eng Regierung derzou bruecht huet fir ze soen: „Mir maachen deen dote Projet net a mir setzen en zesumme mat engem anere Projet, wou soll e Fussballsterrain gebaut ginn zu Léiweng.“

Also, fir heihinner ze kommen, dee Projet do géif et net ginn! Dat do ass ee vun den Haaptprojeten, déi

an de leschten 20 Joer decidéiert gi sinn a geplangt gi sinn! E gesäit elo aneschtens aus, mee déi dote Plaz, dass ass eng vun deenen zentrale Plaze vun enger décker politescher Dispute, déi sech tëschent de Joren 2011 an 2013 hei zu Lëtzebuerg zougedroen huet.

■ **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*.- Här Wolter, ech wär awer elo frou, wann och d'Fro kéim.

■ **M. Michel Wolter** (CSV).- Jo, jo, ech kommen net op eng Fro. Dir hutt eppes behaupt. Dir sot, ...

■ **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*.- Ech äntweren lech och elo dorop.

■ **M. Michel Wolter** (CSV).- ... dat dote wär eppes, wat siwe Joer al wär. De Projet Wickreng-Léiweng, dat ass e Projet, dee geet wäit, wäit zréck an dee wäert an d'Geschicht vun der Lëtzebuurger Politik agoen.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Ech ginn d'Wuert zréck un d'Regierung.

■ **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*.- Merci, Här President. Siwe Joer al, do schwätzen ech vun deem, wat mer haut hei stëmmen. Dat si siwe Joer. Dat hu mer ongeféier viru siwe Joer an där Form ugefaangen ze plangen.

Dee ganzen Historique, dee braucht Der mech net kennen ze léiere vu Wickreng a vu Léiweng, dee kennen ech wierklech ganz gutt! An natierlech weess ech och, wat mat deenen Terrainen do geschitt ass, u wie se verkaaft gi sinn, wie se iwwerholl huet, wat fir ee Sträit dass dertëscht war. Alles dat weess ech. Mee dat, wat awer elo hei gesot ginn ass, zum Beispill dat, wat elo am Moment geplangt ass, dass do soll déi sougenannten „Auto City“ dohinnerkommen, wéi d'Madamm Deputéiert Cecchetti vun deene Lénken dat och gesot huet, dee Projet, beim beschte Wëllen, deen ass et net gi viru siwe Joer! An dat ass en neie Projet, deen ass elo do virgesinn op engem privaten Terrain, moi je veux bien, mee dat huet iwwerhaupt näischt ze di mam Echangeur. Dat ass dat, wat ech hei wollt soen.

Fir de Rescht, deen Historique, deen den Här Wolter gemaach huet iwwert de Projet Wickreng-Léiweng, op dee wëll ech net méi agoen, ech kennen dee genuch. Dat ass sécherlech richteg. Mee dat huet näischt ze di mam Echangeur hei an och näischt ze di mat deem preziese Projet, deen elo op där Plaz do geplangt ass, deen ech och eng Kéier gesinn hunn, mee mat deem de Staat näischt ze dinn huet. Dat ass e reng private Projet.

Mee awer nach eng Kéier zréck zum Projet vun haut. Dat, wat hei gebaut wäert ginn, an d'Envergure dovunner, déi brauche mer, fir dass mer all déi Fonctionalitéiten, déi hei virgesi sinn, iwwerhaupt dohinnerkréien an dass déi do laanschteneekommen. Dat ass den Haaptobjektiv, firwat mer dat heite maachen.

Da wollt ech nach eppes soen zu den Tankstellen. Also, ech wëll dem honorabelen Här Goergen soen: Den Ausstig aus dem Tanktourismus, deen definéiere mer net a Fonctioun vun enger einzelner oder vun e puer Tankstellen am Land. Dat ass e bësse méi komplizéiert. An et ass och esou: Och wa mer fir d'Dekarboniséierung si vun den Autoe respektiv der Mobilitéit en général, da wäerte ganz sécher awer nach eng Zäit laang Verbrennungsmotoren duerch d'Landschaft fueren. Wann ee ganz optimistesches ass, da kann een dat am Zäitraum kucke vun 10, 15, 20 Joer, mee déi nächst 10, 15, 20 Joer wäerten där nach fueren, donc brauche mer och nach Tankstellen.

An da gëtt jo eppes just verréckelt. Dat ass eng Tankstell, déi bestanen huet, déi gëtt geréckelt. An déi gëtt och net gebaut, well mer iergendeen Transit wëllen do op déi Tankstell zéien, well an der Reegel op där doten Autobunn, do fiert bekanntlecherweis elo net dee groussen Transit, ausser, wéi den Här Spautz gesot huet, wann emol eng Kéier Problemer sinn, da kann dat emol virkommen. Mee dat ass awer an der Reegel net de Fall.

Mir brauchen op alle Fall nach an deenen nächste 15 bis 20 Joer Tankstellen an deem Land hei. An dozou stinn ech a mir och. Dat ass iwwerhaapt kee Problem. Déi Iwwergangsphas an déi Transitionphas wäerten net geschéien iwwer Nuecht. Wann d'Piraten eng Kéier wëllen an hire Walprogramm schreiwen, dass si, wa si an d'Regierung sollte kommen, dann 2023 d'office all d'Tankstelle géifen zoumaachen oder näischt méi mat Tankstellen a Bensinn maachen, da solle si dat maachen. Dat wäerte mir net maachen. Dat steet a stoung och net an eisem Programm.

An duerfir ass dat heiten, wéi gesot, eng, déi geréckelt ginn ass. Dat ass och normal, déi brauche mer op där doten Autobunn. Dat ass déi eenzeg, déi mer op deem Accès iwwerhaupt hunn, eng op där enger Säit, eng op där anerer Säit. Dat ass ganz verständneg. An iwwregens wëll ech lech soen, niewebäi bemierkt: Et kommen och nach warscheinlech mat



grousser Sécherheet Elektroboren dohinner op déi Tankstell. Mee dat ass awer nëmmen en Accessoire. Realistescherweis ass et wichteg, datt déi do ass.

An déi Tankstellen op den Autobunnen, dat hat ech lech och gesot, Här Goergen, dat hutt Der zwar elo hei net méi erwänt, well dat lech natierlech net arrangéiert huet an deem Discours, deen Der hei wollt féieren, dat hunn ech an de leschte fénnef, sechs Joer och geännert, déi sinn all ausgeschriwwe ginn. All d'Autobunnstankstellen, déi sinn op Terrainen, déi dem Staat gehéieren, an do geet et iwwer eng Emphytheos an iwwer herno och Redevancen, déi bezuelt ginn, an do sinn och fréier scho Redevancë bezuelt ginn. Dat Eenzegt, wat geschitt ass: Fréier si keng Ausschreiwunge gemaach ginn, dat hu mer geännert. Iwwert déi Redevancë kréie mir natierlech eng Recette als Staat, et gëtt selbstverständlech eng Aart Redevance, eng Aart Loyer bezuelt fir deen Espace, deen do besat gëtt.

An ech hunn lech och gesot, ech wëllt lech eng Opstellung maachen iwwer net nëmmen déi zu Steebrécken, mee sämtlech Autobunnstankstellen. An déi Nott ass a Preparatioun, déi kritt Der selbstverständlech och an der Kommissioun. Da kënn Der lech e komplett Bild maachen. An da schreiwe mer lech och derbäi, wéini wat fir eng Ausschreiwung gelaf ass, fir datt Der voll transparent all déi Donnéeën hutt. Et geet hei net drëms, fir elo hei mat enger Tankstell Polemik ze maachen. An et ass och guer näischt ze verstoppen, awer glat a guer näischt! Dir wäert dat alles kréie mat de Recetten an da kënn Der se vergläiche mateneen, wat zu Bierchem erakënn, wat op anere Plazen erakënn. Dann hutt Der dat alles, wéi dat sech gehéiert, an da kënn Der dann d'nächst Kéier Är Interventioun a Foncioun dovunner vibereeden.

Dat gesot, Här President, nach eng Kéier e grouse Merci fir d'Zoustëmmung zu dësem Projet.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Bausch. Awer nach Parole après ministre fir den Här Marc Goergen.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).** - Merci. Jo, ech wollt do awer nach e puer Saache richtegstellen. Ech gesinn et nämlech net wéi den Här Minister, dass déi geréckelt gëtt, well déi gëtt nämlech ausgebaut, dat heescht, d'Capacitéit wäert an d'Luucht goen. Dat ass net geréckelt! Dat ass den Tanktourismus méi interessant gemaach, dat heescht, et ass net an der Klimakris reagéiert.

Dovun ofgesinn: Mir Piraten haten an enger Kommissioun gefrot, fir 2030 kee Verbrennungsmotor méi umellen ze kënnen zu Lëtzebuerg. Dat gouf och vun lech Grénge verworfen. Dat heescht, mir hunn eng ganz kloer Linn vun de Piraten, wéi mer aus dem Tanktourismus erauskommen. Ech weess, dass Dir se net matgestëmmt hutt.

A mat den Terrainen: Wann ech an der Kommissioun zweemol gefrot hunn, déi lescht Sëtzung an déi virlëscht Sëtzung, wéi vill dass mir als Staat do kréien, fir elo gesot ze kréien - well haut stëmme mer zu 60 de Projet -, dass mir awer net wëssen, wat de finanziellen Impakt ass, wat mer herno vum Petrolier erakréien, da wier et fei gewiescht, wann Der eis déi Date ginn hätt. Dir hätt déi gären aus dem ganze Land nach kënnen noreeche. Dat ass kee Problem. Et wier awer fei gewiescht, wa mer haut fir dat Gesetz, wat mer stëmme, d'finanziell Date gehat hätten.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Goergen. An ech ginn d'Wuert nach eng Kéier zréck un den Här Bausch.

■ **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.** - Jo, Här President, dat Gesetz, wat d'Deputéiert haut hei stëmme, huet strictement näischt mat där Tankstell do ze din, awer wierklech strictement näischt. Hei stëmmt Der e Finanzéierungsgesetz.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).** - Eelef Millioun stinn dran.

■ **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.** - Hei stëmmt Der ...

Här President, ass dat normal, datt den Här Goergen sech selwer de Mikro umécht an einfach draschwätzt?

(Brouhaha)

■ **Une voix.** - Nee.

■ **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.** - Ass dat normal an der Chamber?

■ **M. Marc Goergen (Piraten).** - Dat kënn hei méi oft vir, déi leschte Kéier eréischt bei lech.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Et ass richtig, eng Rei Deputéiert maache sech heiansdo esou Reegelelen zu eegen, ...

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - Dir hutt dat och scho gemaach als Deputéierten.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - ... awer normal ass et net.

■ **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.** - An duerfir wär ech frou, wann den Här Goergen sech dann och un d'Reegele géif halen.

Also, nach eng Kéier: Dat Gesetz hei huet strictement näischt ze di mat iergendenger Tankstell. Hei gëtt e Finanzéierungsgesetz gestëmmt fir den Embau vum Echangeur. An dozou hunn ech alles gesot. An nach eng Kéier: Ech si frou, datt d'Deputéiert dat an hirer ganz grousser Majoritéit wäerte stëmme, inklusiv och den Här Goergen.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Bausch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7781. Den Text steet am Document parlementaire 7781².

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7781 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmme.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

(Appel nominal pour votes par procuration)

Domadder ass dëse Projet de loi mat 58 Jo-Stëmme bei 2 Abstentiounen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Emile Eicher), Léon Gloden (par Mme Martine Hansen), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Clozener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fred Keup);

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Se sont abstenues: Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

4. 7715 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 19 juin 2013 relative à l'identification des personnes physiques en vue de la mise en œuvre du règlement (UE) 2019/1157 du Parlement européen et du Conseil du 20 juin 2019 relatif au renforcement de la sécurité des cartes d'identité des citoyens de l'Union et des documents de séjour délivrés aux citoyens de l'Union et aux membres de leur famille exerçant leur droit à la libre circulation

Mir kommen elo zum Projet de loi 7715 iwwert d'Identifizéierung vu Privatleit. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Guy Arendt. Här Arendt, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Digitalisation, des Médias et des Communications

■ **M. Guy Arendt (DP), rapporteur.** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, laut Statistike vun der Frontex, der Europäescher Agence fir Grenz- a Küsteschutz, ass d'Unzuel u gefälschten Identitéitskaarten an Openthaltstitelen an deene leschte Jore staark geklommen.

Dëst wär virun allem dorobber zréckzuféieren, datt de Sécherheetsniveau vun den Identitéitsdokumenten vu Land zu Land extrem verschidden ass. Am Géigesaz zu de Päss gouf et bis dato nämlech keng europäesch Virschrëften, wat d'Sécherheetsstandarde vun de Carte-d'identité betrëfft, soudatt déi verschidde Memberlänner hir eege Reegele fräi konnte festleeën.

Dëst huet allerdéngs zwee grouss Problemer mat sech bruecht. Engersäits hunn déi ënnerschiddlech Gesetzter de Risiko fir Fälschungen an Identitéitsbedruch erhéicht an anerersäits hu si déi fräi Bewee-

gung vun den EU-Bierger am Schenge-Raum erschweiert.

Am Kader vun der Migratiouns- a Flüchtlingskris huet sech déi heterogeen Gesetzeslag dunn als besonnesch komplizéiert erwisen.

Well d'Menacë vu grenziwwergräifender Kriminalitéit an Terrorismus ëmmer méi grouss gi sinn, huet d'Europäesch Kommissioun am Joer 2016 e konkreten Aktiounsplang ausgeschafft, fir d'Sécherheet vun den EU-Baussegrenzen ze verstärken a méi gezielt géint Fälschungen vun Identitéitsdokumenten virzegoen. 2019 huet d'Europäesch Parlament dunn d'Reglement 2019/1157 erausginn, dat d'Sécherheetskrittäre vun de Carte-d'identitéen a vun den Openthaltstitelen eropsetzen an tëscht de Memberlänner harmoniséiere soll.

De virleende Gesetzesprojet huet als Zil, déi national Bestëmmungen iwwert d'Identitéitskaart un déi nei Virschrëfte vun dësem EU-Reglement unzepassen. Doriwwer eraus proposéieren d'Auteuren zwou Adaptatiounen, fir d'Demande vun den Identitéitskaarten ze vereinfachen an d'Gemengen ze entlaaschten. Zu dësem Zweck mussen e puer Ännerungen um modifizéierte Gesetz vum 19. Juni 2013 iwwert d'Identifikatioun vun de Persounen virgeholl ginn.

Ouni ze vill an d'Detailer ze goen, presentéieren ech lech déi wichtegst Punkte vun dësem Gesetzesprojet. Déi éischt Adaptatioun betrëfft déi biomeetresch Donnéeën, déi an der elektronnescher Puce vun der Lëtzebuerger Carte d'identité gespäichert sinn. Nieft der Foto an der elektronnescher Ënnerschrëft sollen an Zukunft och zwee digital Fangerofdréck vum Titulaire op dësem Support enregistriert ginn.

D'Identifizéierung vun de physische Persounen soll heiduerch méi eendeitig a méi sécher ginn. Unhand vun de Fangerofdréck kann nämlech ouni Zweifel kontrolléiert ginn, ob d'Identitéit vun enger Persoun wierklech mat där vun hirer Carte d'identité iwwereneestëmmt.

Wéi d'Auteure vun dësem Projet de loi betounen, sinn déi elektronnesch Donnéeën, déi op der Puce gespäichert sinn, ganz gutt geschützt. D'Fangerofdréck kënnen nämlech just mat Hëllef vu spezielle Maschinne gelies ginn, wéi et der zum Beispill op de Flughäfe gëtt.

Dat europäesch Règlement gesäit vir, datt déi nei Obligatioun ab dem 2. August 2021 a Kraaft trëtt. Ab dësem Datum muss all Carte d'identité, déi nei erstallt gëtt, zwee Fangerofdréck vum Titulaire enthalten. All d'Kaarten, déi virun dësem Datum erstallt gi sinn an déi nach net konform mat der neier Obligatioun sinn, kënnen bis spëttens den 3. August 2031 weider benotzt ginn.

Wichteg ze wëssen ass, datt zu Lëtzebuerg Kanner ënner zwielef Joer net vun dëser Obligatioun be-trafft sinn. D'Auteure vun dësem Projet de loi hunn nämlech decidéiert, eng Fakultéit vun europäesche Règlement ze applizéieren, déi et de Kanner erlaabt, hir Fangerofdréck net mussen ofzeginn.

An der Kommissioun fir Digitaliséierung, Medien a Kommunikatioun gouf an deem Kader d'Fro opgeworfen, ob dës Entscheedung iergendwellech negativ Follge fir déi fräi Beweegung vun de Kanner kéint hunn. D'Kolleege wollten nämlech wëssen, ob d'Kanner bei de Kontrollen op de Flughäfe kéinte Problemer kréien, wann hir Fangerofdréck net op der Puce vun hirer Carte d'identité ze gesi wäeren.

D'Representantë vum Ministère hunn doropshi geäntwert, datt d'Dispens vun der Kollekt vun de Fangerofdréck fir Kanner ënner zwielef Joer tel quel am europäesche Règlement virgesinn ass. Déi europäesch Gesetzeslag géif de Memberlänner also de Choix ginn, ob si d'Kanner vun dëser Obligatioun wëlle befreien oder net, an dës Choix misst och géigesäiteg vun de Länner akzeptéiert ginn.

Bei de Sécherheetskontrolle wäeren d'Autoritéiten also au courant, datt et verschidden europäesch Identitéitskaarte gëtt, op deenen d'Fangerofdréck vu Kanner ënner zwielef Joer net gespäichert sinn. D'Lëtzebuerger Carte d'identité géif d'Reesfräiheet vun de Kanner also a kenger Weis aschränken, sief dat innerhalb oder ausserhalb vun der EU, wëssend datt natierlech fir verschidde Länner souwisou e Pass obligatoresch ass.

Ech wëll op dëser Plaz och betounen, datt d'Kollekt vun de Fangerofdréck keng supplementar Charge fir d'Gemenge wäert duerstellen. Wéi de Syvicol a sengem Avis erkläert, wäerten d'Gemengen op déi nämmelecht technesch Ekipementer kënnen zréckgräifen, déi si am Moment scho fir d'Päss benotzen. Schliisslech gi bei de Päss scho säit e puer Joer d'Fangerofdréck vun den Titulairë gesammelt.

Komme mir elo op den zweete Punkt vun dësem Projet de loi. D'Gesetz vun 2013 iwwert d'Identifikatioun vun de Persounen gesäit de Moment vir, datt d'Adress vum Titulaire op der elektronnescher Puce vun der Carte d'identité muss gespäichert sinn.

An deene leschte Joren huet dës Obligatioun allerdéngs fir vill Kriticke gesuergt, an dat souwuel bei de Bierger wéi och bei de Gemengen. De Problem ass nämlech, datt d'Leit all Kéier, wa se plënnere-

eng nei Carte d'identité mussen ufroen. A bei all deem Geplënners hautdesdaags bréngt dat natierlech en enormen administrativen Opwand mat sech. Et muss ee wëssen, datt quasi e Véierel vun de Carte d'identitée wéinst engem Changement d'adresse ausgestallt gëtt. D'Gemenge sinn natierlech alles anescht wéi beugeeschtert vun deem aktuelle System.

Hei dernieft muss ee betounen, datt d'Späicherung vun der Adress op der Carte d'identité méttlerweil komplett iwwerflësseg ass. Während d'Police virun e puer Joer nach op d'Carte d'identité ugewise war, fir d'Adress vun enger Persoun ze kontrolléieren, huet si hautdesdaags direkt den Zougrëff op den RNPP a kann d'Adress bequeem iwwert dës Wee erausfannen.

Fir d'Gemenge bei hiren administrativen Demarchen ze entlaaschten, proposéiert dës Gesetzesprojet, an Zukunft d'Adress vun den Titularen net méi op der elektronnescher Puce vun den Identitéitskaarten ze späicheren. Déi al Obligatioun gëtt also suppriméiert an d'Bierger brauche keng nei Kaart méi unzufroen, wa si hire Wunnsätz änneren. Souwuel d'Chambre de Commerce wéi och de Syvicol hu sech an hiren Avice ganz erfreet erwisen iwwert dës Adaptatioun.

Den drëtten Punkt vun dësem Gesetzesprojet betrëfft d'Kommunikatioun an d'Rektifikatioun vun den Donnéeën, déi am nationale Regëster oder an engem kommunale Regëster agedroe sinn.

Aktuell kënnen d'Bierger sech iwwer dräi verschidde Weeër un déi kompetent Autoritéite wenden: Post, Internet oder perséinlech op der Gemeng. Wat den elektronnesche Wee betrëfft, muss d'Identitéit vum Demandeur an d'Authentizitéit vun der Demande natierlech iwwerpräift kënne ginn. Déi aktuell Gesetzeslag gesäit dowéinst vir, datt op all Demande eng elektronnesch Ënnerschrëft muss drop sinn. Et ass allerdéngs net auszuschléissen, datt an Zukunft nei Technologien um Marché op-tauchen, déi amplaz vun den elektronneschen Ënnerschrëfte kéinten ugewannt ginn. An deem Kader proposéieren d'Auteuren, fir d'Applikatioun vun alternativen technesche Léisungen am Gesetz festzhalen.

Fir den Text esou vag ewéi méiglech ze halen an soumat oppe fir all méiglech zukünfteg Technologien ze bleiwen, proposéiere mer déi folgend Dispositionen: « Les demandes de communication ou de rectification de données pourront être soumises par le biais d'un dispositif informatique qui garantit l'identité du demandeur et l'authenticité de la demande. » D'Zil heivunner ass et, déi administrativ Demarchë fir d'Bierger ze vereinfachen an d'Neutralitéit technologique ze garantéieren.

Zu gudder Lescht gi mat dësem Projet de loi nach zwee Feeler verbessert, déi sech an déi lescht Versioun vum Gesetz erageschlaach haten. Éischtens gëtt den Datum vun der Signature grand-ducale bei den Titel vum Gesetz bäigesat an zweetens e klengen Tippfeeler behewen.

De Staatsrot huet a sengem Avis keng gréisser Remarken oder Kriticken opgeworfen, soudatt hien de 15. Juni säin Accord zu dësem Projet ginn huet. Fir weider Präzisiounen zu den Avice vun der Handelskummer, dem Syvicol, der Staatsbeamtekummer an dem Staatsrot verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport.

À propos schrëftleche Rapport: Do hat sech eng Coquille ageschlaach a mir hunn dat och mam Conseil d'État kënnen beschwätzen. An den Accord fir déi Emännerung vun engem Saz am Projet de rapport hu mer och de Mëtteg kritt, an zwar misst een am Artikel 8 liesen: « L'article 1^{er}, l'article 2, point 2, lettres b) et c), point 3, et l'article 3 entrent en vigueur le 2 août 2021. » Dat ass also eng kleng Emännerung, et ass näischt Gréisseres, mee et si kleng Feelercher, déi sech ageschlaach haten. An, wéi gesot, mir hunn do den Accord vum Conseil d'État, fir dat da mat deem ofgeännerten Text de Mëtteg zum Vott ze stellen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dat neit Gesetz férdert net nëmmen d'Sécherheet vun den Identitéitsdokumenten, mee vereinfacht och d'Reesen an d'Beweegung innerhalb vun europäesche Bannemarché. Doriwwer eraus erlaabt den Text eis, méi gezielt géint d'Menacë vum Terrorismus an der grenziwwergräifender Kriminalitéit virzegoen, andeems mir et de Kriminelle méi schwéier maachen, hir Identitéit ze fälschen.

Ech ginn heimat den Accord vu menger Partei a soe fir d'Nolauschteren an all deenen, déi un dësem Projet matgeschafft hunn, e grouse Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - An ech soen dem Här Rapporteur Guy Arendt Merci a ginn d'Wuert un den éischten ageschriwwene Riedner, déi honorabel Madamm Diane Adehm. Madamm Adehm, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

■ **Mme Diane Adehm (CSV).** - Villmools merci, Här President. Mam Gesetzesprojet, dee mir de Mëtteg